



**Gemeinsam Äntwert vum Här Immigratioun an Asylminister an Aussen- an Europaminister, Jean ASSELBORN, der Madamm Justizminister, Sam TANSON, an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri KOX, op d'parlamentaresch Fro 7373 vum 13. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fred KEUP**

1. *Gesäit d'Regierung d'Situatioun zu Lëtzebuerg änlech wéi déi Beschriewung vum President Macron fir Frankräich, an deem Sënn, datt een net méi kéint iwwersinn, dass e groussen Deel vun de Strofdote vu Leit géif gemaach ginn, déi an enger irregulärer Situatioun wieren?*

De Lien tëscht der irregulärer Situatioun vun enger Persoun an enger Strofdot ass keen ausschlaggebend Element am Kader vun de Poursuitten duerch d'Justizautoritéiten, dofir ass dës Donnée net Bestanddeel vum informatésche JUCHA System deen d'Dossieren geréiert.

2. *Wéi gesäit d'Regierung d'Ukënnegung vum President Macron dass seng Regierung elo Wëlles hätt, méi streng géint déi illegal Immigratioun virzegoen am Lëtzebuurger Kontext? Ka si sech och esou Moosname fir Lëtzebuerg virstellen?*

D'Lëtzebuurger Regierung kommentéiert keng Aussoen vun aneren europäeschen Staats- a Regierungsscheffen.

Am Lëtzebuurger Kontext, sief op de Projet de loi 7954 verwisen deen punktuell Verbesserungen am Beräich Ausreespflicht, virgesäit.

3. *Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Persounen an irregulärer Situatioun am Joer 2021 zu Lëtzebuerg festgeholl goufen?*

D'Datebanke vun der Police erméiglechen et net eng Recherche unhand vun dësem spezifesche Krittär ze maachen.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

(s.) Jean Asselborn

Minister fir Immigratioun an Asyl